ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) un den Här Infrastruktur- an Transportminister weiderzeleeden.

Schonn e puer Stonnen nom schwéieren Zuchakzident zu Beetebuerg, de 14. Februar, huet wort.lu gemellt, datt den „European Train Control System" (ETCS), zwar op der Streck an an den Zich installéiert war, mä net a Betrib ass. D'Online-Zeitung huet och d'Fro opgeworf, ob de Virgänger-System, deen eigentlech duerch ETCS soll ersat ginn, d'Akzident hätt misse verhënneren. Duerfir elo meng Froen un den Här Infrastruktur- an Transportminister:

1. Ass et richteg, datt den „European Train Control System" (ETCS), op deem Streckenabschnitt, wou d'Akzident geschitt ass, net a Betrib war?
2. Ass deen ETCS als zousätzlech Sécherheetsmesure an als Konsequenz vun der Analyse vun deem schwéieren Zuchakzident vu Zoufftgen, den 11. Oktober 2006, installéiert ginn?
3. Ass dee Sécherheetssystem iwwer zéng Joer no deem trageschen Zoufftgener Akzident just op eenzelne Streckenabschnitter nach net installéiert oder funktionéiert de System nach guer net?
4. Aus wat fir enge Grënn dauert et esou laang fir dee System a Betrib ze huelen?
5. Hätt d'Akzident net och normalerweis mam Virgängersystem misste verhënnert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten